ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 24. September 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden.

Fir eng optimal Kontroll iwwert d'Ausbreede vum COVID-19-Virus ze hunn, propagéiert d'Regierung jo de Large-Scale-Testing. Bedauerlecherweis gouf rezent d'Teststatioun zu Jonglënster zougemaach an déi betraffe Leit mussen sech elo bis op Gréiwemaacher beweegen, fir sech testen ze loossen, wat mat groussen Ëmstänn verbonnen ass, virun allem fir déi Leit, déi keen Auto hunn. An der offizieller Kommunikatioun vun der Regierung fir sech testen ze loossen, war bis dato och ëmmer eng Telefonsnummer uginn, fir e RVZ ze fixéieren. Elo awer kann een sech just nach per Mail umellen, wat virun allem fir eis eeler Leit méi ëmständlech oder esouguer onméiglech ass.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch:

1. Aus wéi engem Grond huet d'Teststatioun zu Jonglënster hir Dieren zougemaach? Ass sech d'Madamm Ministesch bewosst, datt dat mat groussen Ëmstänn fir déi betraffe Leit am Bezierk Oste verbonnen ass?
2. Aus wéi engem Grond gouf an den offizielle Regierungsformulairen, fir sech fir de COVID-Test unzemellen, d'Méiglechkeet gestrach, fir sech per Telefon unzemellen? Ass d'Madamm Ministesch sech bewosst, datt dëst et besonnesch fir eis eeler Leit schwéier mécht, sech nach unzemellen?
3. Gedenkt d'Madamm Ministesch, fir déi uewe genannte Mëssstänn nees ze behiewen? Wa jo, a wéi engem zäitleche Kader ka mat enger Léisung gerechent ginn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742